

RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE KONGRESS 2021

Léif Memberen,
Léif Kolleegen a Frënn,

Mir mierken et all: D'COVID-19 Kris bréngt eis un eis Grenzen. A mäer hoffen all, dass et gläich Liicht um Ënn vum Tunnel gëtt. An de Mouvement Ecologique, wéi sécher vill Leit an aner ONGen deenen den direkten Austausch esou wichteg ass, hofft a setzt drop, dass sech d'Gesinn, den "aneren nach méi matkréien", den Dialog, d'Diskussioun am Direkten erëm gläich wäerte méiglech sinn. Mäer brauchen et esou dringend. Wëll kee Zoom kann den direkte mënschleche Kontakt ersetzen.

1.

Dobäi hu mäer awer leider quasi d'Gewëssheet, dass dëst net déi lescht Pandemie wäert sinn. Haapttheesen och vun ekonomesche Kreesser: mir müssen eis elo schonn op déi nächst virbereeden, fir net erëm esou iwwerrullt ze ginn, wéi vun der COVID-19 Pandemie.

Et schéngt also zumindest deelweis verstane ginn ze sinn, dass de Mënsch duerch säin Agräifen an eis natierlech Ëmwelt, doduerch, dass en ëmmer méi an d'Liewensraim vun Aarten erageet, esou Pandemien ze soen direkt provozéiert.

Wat een awer traureg a rosen an engems mëscht, dat ass, dass et scheinbar bei dësem **Constat** stoe bléift. No der Devise: Dat ass elo nu emol esou, komm mäer "geréieren" de Problem beschtméiglech.

Mais et kann dach net sinn, dass mir just driwwer schwätze wéi mäer besser mat Pandemien ëmginn a net, wat mir maache kënnen, fir de Risiko ze reduzéieren, dass esou Pandemien entstinn? Wéini héiere mir Stëmme aus dem politesche Milieu wou soen: Mir müssen eis Agrëffer an d'Ökosystemer reduzéieren, an eisem eegenen Interessi!? A wéini fanne Stëmme, wéi déi vum Weltbiodiversitéitsrot, Geheier dee seet, fir Pandemien anzegrenze bréichte mäer eng fundamental Reform vum System?

Ech hu wéini en Artikel gelies, wou mech fir d'éischt emol erféiert huet: D'Grondausso wuar: et ass problematesch, dass elo esou staark de Ruff no der resienter Gesellschaft a Wirtschaft kënn. Problematesch? Bis elo setzen sech och all ONGe fir dës Resilienz an. D.h. fir e System, wou z.B. manner fragil, also méi stabil ass, och manner ofhängeg vu Verännerungen um Weltmuart a villem méi. Dat soll elo bemol net méi gutt sinn? *D'Thees vum Auteur vum Artikel wuar: resistent ginn heescht eigentlech net fir d'éischt Changementer an d'Wee leeden, dass eng Situatioun net méi antrëtt, ma sech staark maachen, fir mat enger ongewollter Situatioun besser eens ze ginn.*

Dat huet mech interpelléiert. Ass de Begrëff "resilient", an dee Konsens dee besteet fir an déi Richtung ze goen, vläicht net esou onschëlleg wéi geduecht? Verstoppt sech hannendrun, dass mir eigentlech net d'Ursaachen vum Problem wëllen ugoen? Si mäer esou wäit, dass mir den abléckleche Modell deen um Raubbau vun der Natur, a schlussendlech och vu ville Mënsche baséiert an dee fir eng ongerecht Verdeelung vum Räichtum a Gewënner fir e puer steet – als Alternativlos ugesinn? Neen, dat kann dach net sinn. Wéini wann net elo, maache mir de Kapp op, fir géint Pandemien unzegoen, eng aner Zukunftsgestaltung, en anere Modell an d'Wee ze leeden? **Wat brauche mir parallel zur Klimakris, zur Biodiversitéitskris ... nach fir datt mir urappen? Datt mäer Klimaflüchtlingen, Hongersnéit, eng total Iwwerhëtzung vum Planéit asw. verhënnere an duerfir mat der Spiral vu Wuesstem, globaliséiertem Welthandel, Produktivitéitsdrock, Konkurrenz, ëmmer méi ... brieche – fir positiv Weltbiller wéi Gemeinwohl, Mateneen, Solidaritéit an de Fokus ze réckelen?**

2.

Mir brauchen eng Debatt ronderëm d'Leieren, wou aus der Kris ze zeie sinn, wou un éischer Plaz folgend Fro steet: **"Wéi e Bäitrag ka Lëtzebuerg leeschten, dass de Raubbau vum Planéit an och u ville Leit reduzéiert gëtt? Wéi eng Verännerungen um System sinn néideg?"**

D'Méiglechkeeten och vun engem klénge Land sinn do a bekannt, ech wëllt just e puer Beispiller kuerz, stellvertriedend fir anerer, uféieren:

Dir erënnert Iech un d'Trauerspill, wéi grad während dem Lockdown CETA, de Fräihandelsaccord tëscht EU a Kanada, an der Chamber gestëmmt ginn ass. COVID-19 huet gewisen, datt alles dat firwat CETA steet, kéng Zukunft huet, z.B. och d'Globaliséierung vun de Liewesmëttel. Mäer triede weider konsequent, mat de Kollege vun der Plattform Stopp CETA & TTIP, fir eng Reform vun dësen onsozialen, onökologeschen an ondemokratesche Fräihandels-Accorden an. Et gëtt Alternativen! A mäer soe kloer Neen zum **Fräihandelaccord** mat de südamerikanesche Staaten, dem **Mercosur**. An do geet et eis net duer, wann hei oder do eppes kléngs um Accord geännert géif ginn an och e Verweis op de Paräisser Klimaaccord am Ofkommen géng d'Saach net retten. Mercosur steet, wéi all déi aner Accorden, fir de falsche Wee, deen z.B. ënner anerem och op Käschte vun enger méi nohalteger Landwirtschaft an alle betraffene Länner géng. Lëtzebuerg muss kloer Neen zu dësem Accord soen!

En anert Beispill: Den Ubau vum **Soja** an de Länner vum Süden, dee mir brauche fir eis Béischten ze fidderen an ze vill Fleesch iesse kënnen, ass eng grouss Belaaschtung fir de Klima, d'Biodiversitéit... a fir d'Leit an den Ubaulänner! Dorop gehéiert eng Steuer, datt d'Folgekäschten zumindest deelweis berécksiichtegt ginn an esou och zumindest d'Notze vum Soja deelweis manner attraktiv gëtt. Ma mäer brauchen och bei eis eng Strategie, wéi de Véibestand bei eis ka reduzéiert ginn.

Eng Rei ONGen, awer och Leit aus der Wirtschaft, fuerdere weltwäit awer och zu Lëtzebuerg, e **Liwverkettengesetz**. D.h. datt Betriber gehale sinn um ganze Wee vun hirem Produit ze analyséieren a Moosnamen ze treffen, datt Standarde vu Mënscherechter an dem Ëmweltschutz agehale ginn. Eis Regierung muss hei am Land aktiv ginn, esou e Gesetz stëmmen a sech an internationale Gremien derfir staark maachen.

Eng Steuer um **Kerosin**! Mäer brauchen se dringend. Well och dat franchement onverschimmt Fléie vu Wueren duerch d'hallef Welt zerstéiert eis Biodiversitéit, a natierlech eist Klima. An zousätzlech géllt et endlech wéi scho laang versprach, d'Gebueren um Flughafen an deem Sënn ze iwwerschaffen an eng Strategie fir d'lëtzebuurger Aviatioun an Zäite vun de Klimakris ze entwéckelen.

Am Aktivitéitsbericht herno gi mäer ganz kuerz op e Communiqué an, wou mäer als Meco gemaach hunn, wéi de Premier Xavier Bettel eis quasi als Musterland bei der UN duergestallt huet.

Mir géingen et absolut begrëssen, wann hien dat eng Kéier zu Recht kéint maachen a wa Lëtzebuerg net erëm als 2 Land vun dëser Welt, no dem Qatar a viru Kuwait, Métt Februar de Weltovershootday géing errechen, ma duerch Initiative wéi déi hei genannte géng opfalen! Let's do it!

3.

Ech kommen dann awer direkt zur direkter Lëtzebuurger Situatioun. E Samschdeg wuar ech an engem Background mam Vizepremier an eng vun den Aussoe vum Minister wou vill kommentéiert gouf wuar: *"... et hunn awer nëmme 16% mech gewielt, dat heescht, ech muss probéiere meng Politik esou opzebauen, datt och déi 100% sech awer iergendwéi dermat erëmfannen"*. Heescht et, datt all Partei an enger Regierungskoalitioun muss kucken, hier Iddien - och am Discours no baussen - esou ze verwässeren, datt jiddwereen se quasi a priori gutt fënnt?

Ech menge jiddweree versteet, datt een sech an enger Regierung mat e puer Parteien net ëmmer eens ka sinn. Mee et muss ee jo awer och nach kennen Ënnerscheeder a wichtige Froen no bausse kënnen artikuléieren...

Oder heescht et, datt all Partei muss kucken, hier Iddien esou ze verwässeren, datt jiddwereen se quasi a priori gutt fënnt?

Mir kënnen eis an Zäite wou mir riskéiere schlicht eis eegent Iwwerliewen als Mënschen a Fro ze stelle parteipolitescht a muechtpolitescht Taktéiers net méi leeschten. **Mëndeg Bierger verstinn, datt een sech an enger Regierung net ëmmer eens ass.**

Zukunftsbiller entstinn och duerch Austausch – net duerch Iwertünche vu Vuen an engem erdréckenden Zockergoss iwwert reellen an och ze verstoende verschiddene Standpunkten. Zukunftsbiller kënnen net “vun uewen erf” erkläert ginn, ma musse gemeinsam an engem kontradiktoreschen an offenen Debat entwéckelt ginn! A grad an Zäiten, wou Krise grouss Verännerungen erfuerderen, sinn dës Débatten ëm d’Zukunftsgestaltung méi wichteg wéi jee. Alles anescht wär den Doud vum politeschen Diskurs, wär och de Bierger als onmënneg erkläert! An de Retour zu esou enger offener politescher Debattekkultur fuerdere mir an.

Dës Regierung probéiert dann an der Linn vum vermeintleche Konsens d’gesellschaftlech Transitioun virun allem duerch **Subsiden an deemno volontaristeschen Aktiounen** hinzekréien. Jo, mir als Mouvement fannen et och gutt, wann Albausanéierung, Ëmklammen op E-Mobilitéit asw. ënnerstëtzt ginn. Mais: déi bescht Subsiden ersetzen net **politesch Choix’en, mäer brauche Korrekturen am System, déi erreicht een net eleng mat Subsiden**. An de Courage fir doriwwer erauszegoen erwaarde mäer elo vun der Regierung.

Eng Relance déi de Numm verdéngt misst Zukunftschallengen opräifen an eng reegerecht Transitioun, Ëmgestaltung vun eiser Wirtschaft begleeden, féerden a sécherstellen!

Lëtzebuerg ass z.B. ze soe Schlusslicht an der EU wat d’**Besteuerung vum (Ëmwelt)Verbrauch a vun de Ressourcen** ugeet. De Mouvement huet schonn e puermol Proposen op den Dësch geluecht fir dat ze änneren. Ressourcéverbrauch an Ëmweltbelaaschtung méi – Facteur Aarbecht manner besteieren, esou d’Kärausso, déi dir all zënter Jore kënnt. Dës Regierung verspricht och dës Reform zënter laangem, ma begnügt sech mat punktuelle klänge Korrekturen. Mir kloer weider eng **nohaltig Steierreform** an, déi natiirlech och muss sozial ausgewoge sinn. Ouni déi, do sinn sech d’Experten eens, gëtt et keng ekologesch Transitioun.

A well Steierreform och mat **Verdeelungsgerechtigkeit** ze dinn huet. Mir si solidaresch mat all deene wou fuerderen, datt de Räichtum méi gerecht verdeelt muss ginn. Zuele sinn esou schockant: Déi 10 räichste Männer vun der Welt sinn am Pandemiejoer ëm eng hallef Billioun US-Dollar méi räich ginn! **COVID-19 ass kee gerechte Virus gëtt gesot. Mais neen, et ass de System wou net gerecht ass!** Zuele weisen: Dividendë wou un Aktionären ausbezuelet ginn, wuesse vill méi staark u wéi d’Léin. Och zu Lëtzebuerg gëtt d’Scheier tëscht Aarm a Räich ëmmer méi grouss. Dat kënne mir net akzeptéieren. **Déi sozial an ekologesch Kris muss gemeinsam ugaange ginn.**

Erënnert der Iech och un d’Opreegung nodeem d’Firme Knauf, Fage... decidéiert haten sech zeréckzezéien? Mir brauche séier **Krittären fir d’Usiidlung vu neie Betriber**, esou sot du jiddwereen. Et héiert een elo awer näischt méi dervun. Mir hunn de betraffene Ministère geschriwwen an erwaarden eis eng Äntwert! Mir setzen eis ob alle Fall derfir an, datt elo net an Zukunft hannert zouenen Diere géingen Accorden ausgehandelt ginn, ma op eng transparent Demarche wou och d’Reegelen a Gesetzer festgeluecht ginn a wou jiddwereen sech abréngen kann.

Da si mäer beim **Dossier Google**. Et kann net sinn, datt eng Regierung seet, d’Verëffentlechung vum Waasserverbrauch wäer net zoulässeg, well dat e Betriebsgeheimnis wär. Wou si mäer ukomm? A wat notzt esou eng plakeg Zuel engem Konkurrent? Et ass Zäit, datt endlech Gidder vun der Allgemengheet – an do gehéiert jo elo wierklech d’Waasser derzou – als sollecht behandelt ginn. Et kënnt eng Waasserpenurie op eis zou, dat ass gewosst, wëlle mär déi nach verstärken? Wou si mäer och ukomm, wa Lëtzebuerg hei wëll e Genre neien Tanktourismus opmaachen, well Google kennt jo och wéinst eisen niddregen Energiepräisser op Lëtzebuerg. Klimaschutz jo mee parallel Betriber ulackele mat niddregen Energiepräisser? Do geet eppes net op! Den Dossier Google steet duerfir stellvertriedend fir grondsätzlech Choixen an eiser Gesellschaft.

Wou bléift och den **Nohaltgkeets- oder de Klimacheck**, deen elo wierklech zënter Joren ëmmer erëm versprach gëtt? Wou ass de Problem, datt deen endlech op den Dësch kennt? Et ass net ze verstoen: Nach viru 6 Méint huet de Premier a jiddwereen e versprach, an elo, Schweigen im Walde.

A jo, egal wat ee vum **Wuesstemsproblem** hält. Mir drängen drop, datt endlech Proposen op den Dësch kommen, wéi eisen **Sozialsystem méi onofhängeg vum Wuesstem** gemaach ka ginn. Et ass einfach absolut onverantwortlech, datt dat net geschitt!

Fir zeréck ze kommen op **d'Biodiversitéit**: d'Akzeptanz fir Naturschutzmoosname fält, dat läit och un der Virgoensweis vum Ëmweltministère. Do mussen dringend Kurskorrektur kommen. Et muss erëm verständlech gemaach ginn, firwat wéi eng Moosnam getraff gëtt, z.B. muss de System vun de Kompenséierung bei Agrëff an d'Natur iwwerschafft ginn. Mir hu konkret Proposen op den Dësch geluecht!

Wee Naturschutz a Klimaschutz seet, seet och **Landwirtschaftspolitik**. Et gëllt do endlech Neel mat Käpp ze maachen. Regional Qualitéitsproduiten, besser nach bio, gehéieren an all ëffentlech Kantinnen! Dat ass bei wäitem nach net genuch de Fall! D'Ausschreiwunge fir Schouluebst stinn erëm an d'Haus: Gett do elo an deem Sënn Neel mat Käpp gemaach? Mäer sollen deemnächst zu Lëtzebuerg e System fir d'Auszeechnung vu Liewesmëttel kréien, déi hannen a fir d'Riicht net hält, weder fir de Konsument nach fir de Bauer. Déi ablécklech Gesetzesproposéierung vum Landwirtschaftsministère muss grondsätzlech iwwerschafft ginn! D'Situatioun am Biolandbau ass wäit manner roseg, wéi de Landwirtschaftsminister se wéini duergeluecht huet, dat sot och d'Veereenegung zur Fërderung vum Biolandbau! Och hei gëllt et endlech Eescht ze maachen.

Reform vun der EU-Landwirtschaftspolitik: Lëtzebuerg schéngt op EU-Niveau net grad eng offensiv Roll a Richtung méi Berücksichtigung vun der Biodiversitéit ze iwwerhuelen! Am contraire! D'GAP-Reform soll deemnächst am Land ëmgesat ginn. Do brauche mäer en ëffentlechen Debat, iwwert Landwirtschaftskreeser eraus. Datt Baueren a Naturschutzleit zesumme schwätze kennen, weisen d'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, den Oekozenner an de Mecoscho laang. Bei der GAP Reform, muss Leeschtung unerkannt ginn, a net Verdeelung vu Gelder mat der Géisskan. Lëtzebuerg muss am Interêt vun de Baueren an der Biodiversitéit brieche mam iwerhollene (net méi zäitgeméisse) System, deen esouwuel d'Stierwe vun de Bauerenhäff, wéi och der Biodiversitéit mat honnerte vu Milliounen gefërdert huet!

Net zuläscht : wa Verännerung geléngt sollen, brauche mir wéi scho méi oft gesot, méi Demokratie a Bedeelegung. **D'Gesetz iwwert den transparente Staat** gëllt op de Leescht geholl. Et ass net gutt! Et huet net déi néideg Verbesserungen bruecht!

4.

Ech kéint dës Lescht nach laang weider féieren, ma ech kommen zum Schluss. Et kann een an Zäite wéi dësen schonn alt frustréiert sinn a sech froen, ob mäer di Transitioun wierklech packen. Ze vill Noriichten erschöpfen, frustréieren, maachen traureg a jee nodeem lämen se och. *“Komm ech genéisste mäi Liewen, schütze mech a loossen dëst net méi duerch mäin Engagement esou no u mech erukommen”*, denkt sech wuel alt esou muncher vun eis heiansdo.

Mais dat ass kéng Äntwert. A mir wëssen et. Et wär onfair zu de Generatiounen wou kommen, a jo, och zu de Liewewiesen wou mat eis op dësem Planéit sinn. A jo, gemeinsamen Engagement deet och gutt, mëscht Sënn, och de Matenee fir gemeinsam Wäerter! Duerfir: Courage, et deet sech eppes! Nach ni hunn esou vill Léit sech weltwäit fir e Wiessel agesat, nach ni wuar et eigentlech esou kloer, datt eis Gesellschaft virun enger Richtungsentscheidung steet: Weider wéi bis elo: Wuesstem, Konkurrenz oder Bescheidenheet, Mateneen (och mat den anere Liewewiesen op dësem Planéit), Solidaritéit...

Vill Leit stellen sech duerfir d'Fro: *“Geet et no COVID-19 weider wéi virun?”*. Am Juli virun engem knappe Joer wuare mir zu vill zouversichtlech an hu gesot: jo, grouss Deeler vun der Gesellschaft wëllen net méi zeréck an d'Zäit virum Corona. Dat huet och d'Ëmfro gewise wou leschte Summer vun der ILRES an eisem Opdrag gemaach gouf. Eng 80% hu gesot, si wëilten en anere Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell. An eng ganz Rei Leit hunn och uginn, si hätten en anere Bezuch zur Natur kritt, de Konsum wär e manner wichteg ginn.

Féiert d'Dauer vun der COVID-19 Pandemie derzou, datt dës Wellen no Verännerungen verpufft, well mir all erëm zeréck wëllen an dat Normalt? D'Gefor ass grouss: ma et läit och un eis des Kris als Chance ze notzen.

Den Titel vun eise Publikatiounen deemools wuar **“ZESUMMEN D'ZUKUNFT NEI DENKEN A GESTALTEN! WANN NET ELO, WÉINI DANN?”**

Ech wënschen eis all e flotte Kongress.